



Gemeinsam Äntwert vum Här Sportsminister a vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n°624 vum 17. Abrëll 2024 vum honorabelen Deputéierte Mars di Bartolomeo.

1. Dofir wéilt ech gär vum Här Sportsminister wëssen, ob hien dovun Kenntnis huet?

Jo ech hu Kenntnis vun der Consommatioun vun Nikotin-Säckelcher, notamment och am Sport.

2. Wéi ass déi Substanz aneklasséieren?

Aktuell sinn d'Nikotin-Säckelcher nach net reglementéiert. Well si keen Tubak enthale, falen si net ënnert d'Antitubaksgesetz.

3. Hunn déi national an international Doping-Agenturen de schnell wirkende Nikotin, deen fir en direkte "Kick" soll suergen, um Radar a wéi ass gegebenefalls hier Haltung dozou?

No Récksprooch mat eiser nationaler Anti-doping Agence, der ALAD, kann ech confirméieren, datt dëse Sujet national, wéi och international vun der Welt Anti-Doping Agence (WADA), suivéiert gëtt. D'ALAD ass sech dem Gebrauch vun Nikotin-Säckelcher bewusst a schafft präventiv mat de Sportler*innen fir se iwwer d'Risiko vun all Zorte vu Sucht opzeklären.

Zu der Fro ob de Konsum am Sport verbueden ass, gëllt et ze betounen, datt den Nikotin, an domat och d'Nikotin-Säckelcher, aktuell net op der Lëscht vun de verbuedene Substanze vun der WADA steet.

Lëtzebuerg, den 2. Mee 2024

Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo